Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

14.4.2015 UGDA erkläert sech politesch neutral.

14 **Apr** *2015*

(comments: 0)

No eisem Pressecommuniqué vum 12. Abrëll an dem mir d'UGDA opgefuerdert haten sech neutral ze verhalen, réagéiert d'UGDA haut an stellt kloer dass si awer net fir de Jo sinn mä sech effektiv neutral wëllen verhalen.

Hiren Logo ass dann och vun der Plattform minte.lu (fir de Jo) verschwonnen.

All Respekt fir d'UGDA.

Maacht Reklamm fir de NEE.

Eng Majoritéit vun Lëtzebuerger ass géint d'Auslännerwahlrecht. An et ginn der ëmmer méi, déi Nee soen. Mir sinn déi politesch Mëtt, de Mainstream, mir sinn Lëtzebuerg.

Read more … 14.4.2015 UGDA erkläert sech politesch neutral.

13.04.2015 Mir sinn déi politesch Mëtt, de Mainstream, mir sinn Lëtzebuerg.

13 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Leschten Samschden hat d'Lëtzebuerger Wort eng Serie vun Lieserbréiwer iwwert d'Auslännerwahlrecht. Vun 21 Lieserbréiwer waren der 18 kritesch vis-à-vis vum Auslännerwahlrecht. Nëmmen 3 waren fir d'Auslännerwahlrecht.

Bei de Lieserbréiwer spigelt sech also och dat erëm wat een an der Gesellschaft gesäit: eng Majoritéit vun Lëtzebuerger ass géint d'Auslännerwahlrecht. An et ginn der ëmmer méi, déi Nee soen. Mir sinn keen klengen Grupp vun Extremisten, mir sinn déi politesch Mëtt, de Mainstream, mir sinn Lëtzebuerg.

No Méinten laanger Campagne fir d'Auslännerwahlrecht hunn se et net fäerdeg bruecht fir 50% dofir ze kréien. Souguer d'Wieler vun de Regierungsparteien sinn gedeelt.

Hei fannt der de Link zu den Bréiwer:

http://www.wort.lu/de/politik/das-wahlrecht-fuer-auslaender-oder-die-einzige-frage-die-wirklich-interessiert-552b61bd0c88b46a8ce57474

Read more … 13.04.2015 Mir sinn déi politesch Mëtt, de Mainstream, mir sinn Lëtzebuerg.

12.4.2015 Pressecommuniqué zur UGDA

12 **Apr** *2015*

Hei ass en Pressecommuniqué mam Sujet "Firwat ënnerstëtzt d'UGDA d'Plattform *minte.lu* an d'Auslännerwahlrecht?"

Firwat ënnerstëtzt d'UGDA (Fédération Nationale de Musique du Grand-Duché de Luxembourg) d'Plattform minte.lu an d'Auslännerwahlrecht?

Mir fuerderen, dass d'UGDA hir Neutralitéit beweist an dem se d'UGDA d'Plattform minte.lu verléisst.

Dréckt op "read more"

Read more … 12.4.2015 Pressecommuniqué zur UGDA

10.4.2015 2000 Supporter op Facebook

11 **Apr** *2015*

2.000 !!!

Grousse Merci un déi 2.000 Leit, déi dës Facebooksäit an de leschten Deeg geliked hunn.
Maacht Reklamm fir de NEE. Liked d'Säit an deelt se weider.
Bestellt bei eis Autocollanten an Flyer (kontakt@nee2015.lu).

Déi Leit vum Jo (minte.lu) behaapten si géifen den OGBL, den LCGB, d'CARITAS an d'UGDA (???) vertrieden an mir géifen keen vertrieden. Vertrieden mir wierklech keen? An sinn d'Memberen vun OGBL an UGDA wierklech fir en Jo zum Auslännerwahlrecht???

Eng Majoritéit vun de Lëtzebuerger ass géint en Auslännerwahlrecht. Loosst iech net beaflossen vun der permanenter Propaganda fir en Auslännerwahlrecht an sot et, mat guddem Gewëssen, roueg weider: Nee zum Auslännerwahlrecht.

https://www.facebook.com/nee2015.lu

Read more …

10.4.2015 Pressecommuniqué: Informatiounsversammlungen?

10 **Apr** *2015*

Bis elo hunn vill Gemengen als eenzeg Riedner op hieren Informatiounsversammlungen de CEFIS an minte.lu, alle béid kloer Vertrieder vun engem Auslännerwahlrecht. Zu enger richteger Informatiounsversammlung gehéiert awer och déi aner Klack an zwar déi vum Nee. Op den Informatiounsowenter kéinten mir eis Vue vun den Argumenter fir e Jo an e Nee virdroen, an sou zu enger méi equilibréierter Informatiounsversammlung bäidroen.

Read more … 10.4.2015 Pressecommuniqué: Informatiounsversammlungen?